

# Nom Motto:

## Zesumme si mir staark!



ENTENTE  
BEIWEN



**MERCI**

Säit dem Optrieden vum Coronavirus an onser Gesellschaft, huet ons Liewen sech a ville Beräicher g'ännert. Ons Privatsphäre ass staark reduzéiert ginn a Veräiner an hiren Aktivitéiten ausgebremst.

Dëst bréngt mat sech, dat fir selleche Veräiner, déi op Recetten vun hiren Aktivitéiten ugewisen sinn, dës sanitär Krise finanzielle Schwieregkeeten mat sech bréngt.

Theaterfrënn Téinten hunn dofir decidéiert hiren Subside vum Joer 2020 engem Gemengenveräin ze spenden, deen dës Suen gutt gebrauche kéint.

Onse Choix ass op d'Entente Brouch-Béiwen gefall. Kanner brauchen Beweegung a grad während dem Confinement ass dëst méi wéi kloer ginn.

D'Entente Brouch-Béiwen engagéiert sech ganz intensive am Jugendberäich vum Futtball a mir si froue si an dësem Sënn, mat engem kléngen Don ënnerstëtzen ze kënnen.

Domat wollte mir ons Solidaritéit weisen a si glécklech an engems d'Kanner bei hirem Sport kënnen z'ënnerstëtzen.

An dësem Sënn, TOITOI TOI Kanner, a mir hoffen dat mir ons d'nächst Joer gesond a monter am Theater erëm gesinn.

**#bléift do heem bléift gesond#**

**Theaterfrënn Téinten A.s.b.l.**